N°4528
Entrée le 03.09.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Kulturminister op d'parlamentaresch Fro n° 4528 vum 23. Juli 2026 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

1. *Aus wéi enge Grënn sinn déi generell Usoen um Findel aktuell net bzw. net méi op Lëtzebuergesch ze héieren?*

Op Nofro bei lux-airport kann ech Iech follgend Informatioune liwweren:

D'Ausso, datt déi generell Usoen op Lëtzebuergesch nach net ëmgesat goufen oder aktuell net méi ze héiere wieren, entsprécht net der Realitéit.

Wéi schonns an der Äntwert vum 7. Mee 2024 op d'parlamentaresch Fro Nr. 586 erkläert gouf, ass den Usoesystem effektiv ëmgestallt ginn. Zënterhier ginn déi generell Usoen um Fluchhafen nieft dem Franséischen an dem Engleschen och op Lëtzebuergesch gemaach. Dat war deemools de Fall an ass och haut nach ëmmer esou.

Fir déi fluch-spezifesch Annoncen um Gate ass et dem verantwortlechen Handling-Agent iwwerlooss, déi Sproochen ze wielen, an deenen dës Annoncë gemaach ginn. Wéi schonns an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 4936 vum 6. September 2021 erkläert gouf, ass do de Choix vun de Sproochen dorobber ausgeluecht, datt ee Maximum vu Passagéier d'Usoe verstinn.

Lëtzebuerg, den 2. September 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes